RTL Radio Lëtzebuerg, 20.11.2010

Kommentar vum Fernand Mathes op RTL

Frank Kuffer:
Première, Gëschter Owend vum Jemp Schuster sengem neie Kabaräsprogramm „Da maacht Iech mol fräi". Am éischter ongewinnte Kader vun de Walfer Bicherdeeg schéngt de Jemp Schuster ower den Nerv vun eiser Zäit getraff ze hunn, Fernand Mathes?

Fernand Mathes:
De Jemp Schuster brauch sech wierklech net hanner senger Burka ze verstoppe fir ze soe wat en denkt. Et spiert ee vun der éischter Minutt un, datt do een op der Bühn steet, dee sech scho laang fräigespillt huet an deen et einfach versteet säi Publikum mat op d' Achterbunn vun der politescher, sozialer a gesellschaftlecher Aktualitéit ze huelen, een dobäi gutt duerchzerëselen, engem Sprooch ze verschloen, fir ee kuerz duerno ower erëm fräi ze loossen duerch en häerzhaft befreiend Laachen.

Den Doktesch-Streik koum dem Auteur wuel ze Paass, ma den Titel Programm bedeit net nëmmen, datt ee sech soll fräi maache fir op d'Brëtsch, ma fräi vun all Zwang an Doctrine. Ower d' Aktualitéit verlaangt jo vun engem politesche Kabarettist fir och do eng Hand mat unzepaken.

21 Themen déi fléissent aneneen iwwerginn, unprätentiös duergestallt vun engem Akteur dee mécht wat e kann, a wat e kann, dat sëtzt, obschonns hie quasi iwwer annerhallef Stonn um Stéck steet, präsent, bësseg, béis ower net béisaarteg. A wann de Jemp Schuster bäisst, da weess e wouhinner, well et huet een ni d' Gefill seng Attacke wiere Gratis, nee, si se beluecht a recherchéiert an dinn duerfir duebel wéi.

Et sinn d' Theme vun Haut, déi op de Leescht komme mat enger Burka a mat der Gëlle Fra am Seniormobil probéiert hie kompetitiv duerch den tri de pâtes cuites ze kommen, fir sech bénévol dem Scanner ze stellen ouni Strausseplommen ze loossen ower nodeems en sech d' Patten un der Hotline gesengt huet definitiv säi Glawen ze verléieren. An dem Jemp Schuster säi Publikum huet sech matrappe gelooss.

Da maacht Iech mol fräi, vun a mam Jemp Schuster, geet déi Kéier direkt op Tournée, da sidd esou fräi a maacht iech schlau op www.jempschuster.lu